



**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 5966 vum 22. Mäerz 2022 vum Här Deputéierten André Bauler.**

Kann den Här Minister Detailer zu dësen Aarbechte ginn?

D'Nationalstrooss N15 gëtt tëschent der Tankstell am Dall bis eng 200 Meter virun der Kéier Richtung Ettelbréck nei gemaach. Géigestand vun dësen Aarbechten ass d'Erneuerung vum Ënnerbau vun der Strooss. Wéinst dem aktuelle schlechten Zoustand, sackt d'Strooss op där Plaz ëmmer rëm an. Gläichzäiteg profitéiert d'Gemeng vun där Geleeënheet fir hir Infrastrukturen ze erneieren. D'Aarbechte fänken am August nom Kollektivcongé un, a solle viraussiichtlech an engem Joer ofgeschloss sinn.

Wéi ka während dëser Zäit den Duerchgangstrafic sou gereegelt ginn, datt et net zu laange Staue kënn? Sinn Ëmledungen geplangt respektiv iwwerhaapt méiglech?

Vu datt de Verkéier am Chantiersberäich duerch eng intelligente Luuchtenanlag gereegelt wäert ginn, si keng Ëmledunge geplangt. Bei enger Baustell op enger Staatsstrooss mat héijem Verkéiersopkommes, an dat besonnesch an de Spëtzestonnen, ass et evident, datt et schwéier ass ee gewësse Réckstau ze vermeiden. Natierlech gëtt probéiert déi negativ Auswierkungen op de Verkéier sou gutt et geet ze limitéieren. Et ass awer sou, dass all Projet an all Baustell, deen eng bestoend Situatioun verbessere soll, e bësse Verständnis a Gedold vun all de betraffene Leit erfuerdert.

Wéi vill Gefierer fueren all Dag duerch Nidderfeelen? Wéi hu sech d'Zuelen an de leschte Joren entwéckelt?

An der "Route de Bastogne", direkt am Agang vun Nidderfeelen wann ee vun Ettelbréck kënn, steet déi permanenten an automatesch Compteur Nummer 905. D'Auswäertung vun dësen Donnéeën tëschent 2018 an 2021 beleet, dass d'Zuel vun de Gefierer déi am Duerchschnitt all Dag do fueren, relativ stabil ass.

Joer	Schaffdeeg	Samschdes	Sonndes
2018	13560	11562	8819
2019	13160	11403	9237
2020	12418	10355	7681
2021	12990	11457	8825

Déi Donnéeë sinn ëffentlech a kënnen vu jiddwerengem zu all Moment réckwierkend op di fënnef lescht Joer um "Portail des Travaux publics" opgeruff ginn (<https://travaux.public.lu/fr/infos-traffic/comptage.html>).

Lëtzebuerg, den 2. Mee 2022

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch